PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Am PRR (Plan pour la reprise et la résilience) vun 2021 huet d'Regierung de Projet "Ditigal Skills" virgestallt, ee Projet, bei deem all Persoun, déi tëscht dem 1.01.21 an dem 31.03.21 am Chômage partiel war, ee Bong vu 500€ krutt, fir digital Weiderbildungscoursen. Dofir kruten déi Betraffen ee Bréif mat engem Code, mat deem se sech iwwert Guichet.lu Coursen eraussiche konnten. Et soll hei drëms goen, dass dës Persoune kënnen "compétences numériques de base" erléieren. Dës Course sollte bis Dezember 2021 ofgeschloss ginn. Laut PRR si 40'000 där Bréiwer eraus goen. D'Regierung huet sech als Zil gesat, dass 11'700 Persoune vun dëser Mesure profitéiere géifen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hu Gebrauch vun dësem Bong gemaach?
2. Laut PRR si Persounen, déi matgemaach hunn, och no hire sozio-ekonomesche Krittäre gefrot ginn, ewéi hiren Alter, Wunnuert, Aarbechtssecteur a Salaire.
   Kann de Ministère d'Resultater vun dësem Questionnaire virleeën?
   Wat fir Konklusiounen zitt de Minister aus dem Profil, deen sech bei dësem Questionnaire erginn huet?
3. Wat fir "compétences numériques de base" hunn d'Persounen, déi vun dëser Offer profitéiert hunn, sech ugëeegent? Wat war hei déi Kompetenz, déi un déi meeschte Persoune vermëttelt gouf?
4. Wat war de schlussendleche Käschtepunkt fir dëse Projet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député